adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 JUIN 2019
763

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoul- an Edukatiounsminister weiderzeleeden.

De Schoul- an Edukatiounsministère mécht eng gréisser Ëmfro bei den Eltere vu Kanner tëscht 8 an 12 Joer („Enquête sur le bien-être des enfants"). An där Prozedur sinn awer och Persounen ugeschriwwe ginn, déi weder bestuet sinn nach Kanner hunn. De Bréif vum Edukatiounsministère verzicht och drop, d'Adressaten ausféierlech iwwert hir Rechter a Saachen Dateschutz ze informéieren, obwuel an dësem Bréif d'Adress mat engem informateschen Numm a Passwuert verknäppt gëtt. Aus dëse Grënn wéilt ech dës Froen un den Här Schoul- an Edukatiounsminister stellen:

1. Ass den Här Minister doriwwer informéiert, datt verschidden Adressate vu senger „Enquête sur le bien-être des enfants" net d'Critèren erfëllen, fir dorunner deelzehuelen? Ass virgesinn, datt den Här Minister sech bei deene Leit déi als Elteren ugeschriwwe goufen awer iwwerhaapt keng Kanner hunn, entschëllegt? Wéi gouf d'Datebank fir d'Adressaten opgestallt a kontrolléiert? Huet de Ministère dat selwer gemaach oder war eng aner Instanz dofir zoustänneg?
2. Wéivill Leit si fir dës Enquête ugeschriwwe ginn?
3. Ass iwwerhaapt nozevollzéien, wéi vill falsch adresséiert Bréiwer erausgaange sinn a, wa jo, wéi vill waren et där? Et ass iwwregens och virkomm, datt dee Bréif dräimol a verschiddenen Enveloppen un déi sëlwecht Persoun geschéckt gouf.
4. Wat sinn d'Uersaachen an de Käschtepunkt vun esou Pannen?
5. Wéi eng Precautioune si geholl ginn fir den Dateschutz ze respektéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 24 juillet 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre délégué à la Digitalisation à la question parlementaire N° 763 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Laut dem Artikel 15 aus dem Jugendgesetz soll de Minister all 5 Joer e „nationale Rapport iwwert d'Situatioun vun de Kanner zu Lëtzebuerg" virun der Chamber deposéieren. Den éischte Rapport ass laut Gesetz 2021 fälleg. Esou wéi och am Jugendberäich, geet et am éischte Kannerbericht ëm d'Thema vum „Wuelbefanne vun de Kanner zu Lëtzebuerg". An dësem Kontext huet den Educatiounsminister de LISER („Luxembourg Institute of Socio-Economic Research") beoptraagt, eng Etude iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner vun 8, 10 an 12 Joer zu Lëtzebuerg duerchzeféieren. Zil vun dëser Etude ass et, d'Kanner selwer zu Wuert kommen ze loossen iwwert en Online-Questionnaire. Fir datt d'Kanner bei de Froe kënne matmaachen, ass et noutwenneg, d'Autorisatioun vun den Elteren unzefroen.

Laut der Gesetzgebung huet nëmmen den CTIE (Centre des technologies de l'information de l'État) Accès op perséinlech Date vun de Leit (Numm, Adress, asw.) an ass dofir zoustänneg fir d'Verschécke vun dem Bréif, deen un d'Eltere vun de Kanner vun 8, 10 an 12 Joer hätt solle goen.

Wat den Oflaf vun der Enquête iwwer d'Wuelbefanne vun de Kanner ugeet, do sief präziséiert, dass den CTIE zur selwechter Zäit mat zwou Enquêtë vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend befaasst war.

Duerch e Feeler beim Envoi vun de Bréiwer, en Envoi, deen aus technesche Grënn an 3 Tranchë gemaach ginn ass, sinn net d'Eltere vun de Kanner vun 8, 10 an 12 Joer ugeschriwwe ginn, mee Jugendlecher, déi am Kontext vun enger anerer Enquête iwwert de „Youth Survey Luxembourg" hätte sollen en anere Bréif kréien. De CTIE huet sech formell bei de betraffene Jugendleche per Schreiwes entschëllegt.

Et goufen insgesamt 23.955 Bréiwer u falsch Adressate gescheckt. De Käschtepunkt beleeft sech op d'Käschte vum Pabéier, Enveloppen an den Timbrage.

Et ass och wichteg ze ënnersträichen, dass zu kengem Zäitpunkt privat Donnéeë vun de Bierger un den Demandeur vun der Enquête oder u soss eng Drëttpersoun gescheckt gi sinn.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse